# No bei dir.

DP
DEMOKRATESCH PARTEI
Käl-Téiteng



Lëscht 2

EIS KANDIDATE
## FIR D'GEMENG KÄL-TÉITENG

KAYL-TEITENG.DP.LU




Demokratesch Partei ☒

| | | |
|---|---|---|
| BECKER Romain | | |
| KRINGS Patrick | | |
| BECKER Anne | | |
| BOMBARDELLA Laura | | |
| CORNARO Jean-Luc | | |
| KLOPP-DARQUENNE Diane | | |
| KRIER Zoé | | |
| MORES Felix | | |
| MUJKIC Joé | | |
| OÉ Robert | | |
| OÉ-GALVEZ Gloria | | |
| SCHNEIDER Sonja | | |
| SCHROEDER Talitha | | |

# EIS SPËTZEKANDIDATEN

Dësen DP-CSV Schäfferot huet direkt e puer Krise musse managen. Knapps ware mär vereedegt an d'Land hat nach mat den Auswierkunge vum COVID ze kämpfen do ass den Ukrainekrich ausgebrach an et huet sech eng Flüchtlingsproblematik gestallt. Am Dialog mat de Bierger an de Verwaltunge konnte mer Léisunge fannen.

Duerno huet et an eise Regiebetriber gebrannt an eis Servicer waren de facto net méi asazbereet. Duerch eng grouss Ustrengung zesumme mat de Leit aus den Regiebetriber an aus der Verwaltung konnten innerhalb vun e puer Deeg adequat Léisunge fonnt ginn.

Am Summer koum dunn d'Energiekris op eis duer an et hu misse Léisunge fonnt gi fir d'Leit virun engem Energienoutstand ze beschützen. Hei ass um Niveau vu SUDenergie an och am Schäfferot mat drun geschafft fir d'Effete vun der Präisdeierecht ofzefiederen.

Am Wanter koum et dann zu engem grousse Brand zu Käl beim dem leider e Kand säi Liewe verluer hat. Hei ass awer och nach eng Kéier kloer gi wéi schlëmm d'Situatioun um Wunnengsmaart ass a wéi séier eng Gemeng op hir Limite stousse ka wann si hëllefe well.

E grousse Merci un eist Personal vun der Gemeng fir hiren Asaz ouni deen de beschte Schäfferot vun der Welt näischt hätt kënnen erreechen!

Wéi am Dezember 2021 eis Gemeng an enger Féierungskris war, hu mär Verantwortung iwwerholl. Sou wéi dat vu Gesetz aus virgesinn ass huet sech eng nei Majoritéit gebilt an d'Geschäfter sinn ouni Problemer weidergefouert ginn. Dat war awer nëmme méiglech well mär eis iwwert Jore fir eis Gemeng agesat hunn an eis Aarbecht am Gemengerot fir eescht geholl hunn.

Als Spëtzekandidate wëlle mär eis grad fir Léisungen an der Logementskris asetzen. Sief et fir abordabele Wunnraum oder Seniorenwunnengen. Hei ginn et konkret Projeten déi mer onbedéngt weiderféiere wëllen. En neie Projet den am Brill entstoe kéint ass do e gutt Beispill.
Awer och Projete wéi „Käl-Nord" an de Projet an der Scheffléngerstrooss sinn net leie gelooss ginn, am Géigendeel, mär hunn hei fir neit Liewen am Dossier gesuergt!

Et ass eis kloer, dass fir eis Schoulkanner adequat Raimlechkeete musse geschaaft ginn. Am vergaangene Joer ass vill um Projet Widdemsschoul geschafft ginn. Hei hunn mär zukunftsbestëmmend e weidere Stack bei gesat fir d'Zesummewuesse vu SEA a Schoul ze erméiglechen.

Am Faubourg gouf dëst Joer e Gebai a Rekordzäit opgeriicht fir d'Klasse vum Widdem ze empfänken. Mär wollten d'Kanner net a Containere setzen an och de Schoulhaff net onnéideg verklengeren. Dësen Ausbau kann duerno nach fir vill Jore vun de Veräiner genotzt ginn.

Den Hesselsbierg gëtt dann och endlech an d'Rei gesat. Zanter Joerzéngte gouf déi Strooss vernoléissegt an hir Bewunner fir net wichteg genuch ugesinn. Mär wëllen elo séier ewéi méiglech domat ukommen, déi Gréng an d'Sozialiste gesinn dat allerdéngs anescht.

Mär si frou Deel vun enger Ekipp ze sinn, déi ganz jonk Leit an ganz erfueren Huesen derbäi huet. Dat entsprécht dem wat mär sinn:

**No bei dir!**




Patrick Krings Romain Becker

# ROMAIN BECKER



Enseignant am Lycée
Ingenieur-industriel
MBA, Uni Nancy II

58 Joer
vun Téiteng

- Schäffen vun der Gemeng Käl 2022-
- Member vum Gemengerot zanter 2005
- Vizepresident vum PROSUD
- Verwaltungsrot vun SUDenergie
- Member vum Bureau  vum STEP
- President vun der Fondatioun Linster-Weydert
- President vun der asbl Jugendtreff Käl-Téiteng
- President vun der Schoulkommissioun
- Verwaltungsrot vum CIGL Käl
- Verwaltungsrot vun der asbl MUAR
- Member vun der Iwwerwachungskommissioun vun der Diddelénger Muséksschoul

Virun 30 Joer, 1993, sinn ech déi éischte Kéier an de Wale fir de Gemengerot ugetrueden.
Et war eng aner Zäit deemools an d'Welt huet sech weider entwéckelt. Net onbedéngt ëmmer zum besseren, awer ëmmerhin.

An et war eng groussaarteg Zäit wou ënnert der deemoleger DP-CSV Koalitioun direkt e puer grouss Chantieren an Ugrëff geholl gi sinn: den Zentrum vu Käl inklusiv Rondpoint, den Zentrum vun Téiteng mat dem Wee den haut tëschent dem Téitenger Fussballterrain an dem Parc Ouerbett leeft, d'Aféierung vun enger Schoulkantinn, de Bau vun der Alexandraschoul etc. etc…

Vill huet ee geléiert wärend där Zäit do. Wéi ech 2005 déi éischte Kéier an de Gemengerot gewielt gi sinn war ech also scho gutt virbereet fir den Challenge unzegoen. Zanterhier hunn de Patrick Krings an ech ëmmer am Sënn vun eiser Ekipp geschafft, an et war eis och ëmmer wichteg hir Meenung ze vertrieden.

Wéi Enn 2021 de Budget vun der deemoleger Majoritéit net gestëmmt ginn ass, hu mär decidéiert fir Verantwortung ze iwwerhuelen. Et war eis wichteg, dass et net zu engem Stëllstand an eiser Gemeng sollt kommen.

Als Schäffen an als Vetrieder vun eiser Gemeng a verschiddene Syndikater hunn ech mäin Bescht ginn fir eis Gemeng virun ze bréngen.

Wichteg ass mer och den Ëmgang mat de Leit. Mënschlechkeet ze weisen esou wuel am deegleche Business am Kontakt mat dem Personal oder grad och mam normale Bierger den enger Administratioun géigeniwwer steet ass mer wichteg.

Privat beschäftegen ech mech gäre mat der Fotografie. Dëst Joer hunn ech konnten e puer Biller ausstellen, eppes wat mär vill Freed gemaach huet. D'Restauréierung vun Oldtimer ass en anere groussen Hobby vu mär. Recycle, drive a classic kann ech do nëmme soen.

An enger komplizéierter Welt wou de Mënsch andauernd e schlecht Gewësse gemaach kritt probéieren ech main Ëmfeld am Gläichgewiicht ze halen an déi zwee Féiss um Buedem ze halen.



# PATRICK KRINGS



Pensionnéierten Engleschproff
Bestued mam Sandra Rigby
72 Joer
vun Käl

- Gemengerot zanter 1996
- Schäffen vun 2002-2005
- Member vun der Loyerskommissioun
- Member vun der SES
- Member vum SICOSPORT
- Member vum SYCOSAL
- President vun der Amicale vum Remelénger Alter-heim

Zanter 1996 sinn ech schonn am Gemengerot an hunn do vill Erfahrung, esou wuel an der Majoritéit ewéi och an der Oppositioun gesammelt.

A mengem Beruffsliewen hat ech ëmmer mat jonke Leit ze dinn an hunn hir Suergen a Problemer, awer och hir Zieler a Wënsch, kenne geléiert. Ech mengen ech verstinn se och haut nach ganz gutt a wëll mech weider fir si am Gemengerot asetzen. Dofir sinn ech och frou, dass op eiser Kandidateléscht dës Kéier 5 ganz jonk Leit stinn, déi nei Iddien an eis lokal Politik bréngе kënnen.

Als Präsident vun der Amicale vum Rëmelenger Altersheem sinn ech och vill mat der eelerer Generatioun beschäftegt. Dofir sinn ech frou, dass zu Rëmeleng elo endlech a Neibau kënnt, awer och an eiser Gemeng muss an der nächster Legislaturperiod e Projet op de Wee gesat ginn.

Duerch „Käl Nord" wäert eis Bevëlkerung nach méi staark wuessen a mer mussen elo déi entspriechend Infrastrukture plangen. Mat der DP am Schäfferot gëtt dëse Projet verwierklecht.

A menger Jugend war ech sportlech ganz aktiv. Ech hu Fussball bei der US Rëmeleng an och Handball zu Rëmeleng gespillt. Dofir sinn och elo besser Sportinfrastrukture fir mech vu grousser Wichtegkeet.

Haut sinn ech oft op Reesen, haaptsächlech fir Mënschen a Kulture kennen ze léieren. Heiheem sinn ech awer och gär, well mer hei nach genuch Natur hunn, déi mer awer onbedéngt erhale mussen.

Kachen ass meng grouss Leidenschaft. Déi asiatesch Kichen a besonnesch den indesche Kascht hunn ech ganz gären.

An dëse Walen hoffen ech, dass d'Wieler Kandidate wielen, déi wierklech kompetent sinn, déi zukunftsorientéiert sinn an déi sech fir d'Allgemengheet asetzen.



## EIS KANDIDATEN

Mat enger gesonder Mëschung vun Erfarung a jugendlecher Begeeschterung geet eng héich motivéiert Equippe vun der DP an d'Gemengewale vum 11. Juni 2023.
Vill ze oft gëtt gesot mer hätten ze wéineg Fraen an der Politik oder eis Jugend géif sech fir näischt interesséieren. Dat dëst net onbedéngt stemmt, dat beweist eis Kandidateléscht. Mer hunn 7 Fraen a 6 Männer an eisem Team. 5 vun eise Kandidaten si ganz jonk a bréngen e neie Schwong an nei Iddien an eis Lokalpolitik.

# No bei dir

## ANNE BECKER



Presidentin DP Käl-Téiteng
Studentin am Génie civil
20 Joer
vun Téiteng

- Member vun der Verkéierskommissioun
- Member vun der Gläichstellungskommissioun
- Member vum SITCK
- Member asbl Jugendtreff

Jugend a Politik, dat gesäit op den éischte Bléck aus wéi wann dat net beienee passe géif. Ech sinn an engem Haus grouss gi wou ëmmer schonn iwwer Politik geschwat ginn ass.

Mäin Bop, de Jean Fandel war laang engagéiert an President vun der Bautekommissioun a mäin Papp, de Romain Becker mécht zanter 1993 Lokalpolitik. Ech wëll mech och engagéieren an esou hu mär d'Decisioun geholl, dass ech mech och als Kandidat opstelle géif.

Et ass mär wichteg, dass grad jonk Frae politesch aktiv solle sinn. Fraën hunn nach ze oft Nodeeler an eiser Gesellschaft, dat ass och eng Ursaach firwat ech wollt Member an der Gläichstellungskommissioun ginn.

Ech sinn begeeschtert vun Oldtimer-Autoen a vun Autoen am Allgemengen, dofir och mäin Interessi fir an der Verkéierskommissioun matzeschaffen. D'Mobilité douce ass e wichtegen Thema zu eisen Zäiten, do brauche mer akzeptabel an passend Léisunge fir eis Zäit.

# LAURA BOMBARDELLA



Jonk Leit brauchen eng Uertschaft déi lieweg ass. Eis Gemeng ass eng Wunngemeng déi wuel vill kulturell Aktivitéiten huet déi awer rar d'Jugend uschwätzen.

D'Iddi vun engem Kulturcafé ass wichteg well et eis Geleeënheet géif gi fir selwer kënschtleresch kreativ ze ginn, sief et op musikaleschem, schrëftstellereschen oder enger anerer Konschtaart.

Do dernieft fannen ech et awer och wichteg eis Uertschaft touristesch weider ze entwéckelen, mär hunn en enorme Potenzial. An hei leien och nees Chance fir jonk Leit fir hei an der Gemeng en Job ze fannen.

Sekretärin DP Käl-Téiteng
Studentin
19 Joer
vun Téiteng

- Miss Tourisme Luxembourg 2022

# JEAN-LUC CORNARO



Fir mech ass eng gesond Natur an Ëmwelt vu grousser Wichtegkeet. Perséinlech fueren ech gär op mengem Mountainbike a wanderen an eiser schéiner Natur, déi mer onbedéngt erhale mussen.

Dat ass och ee vun de Grënn firwat ech mech an der lokaler DP engagéiert hunn, well ech do eng ganz Rei vu Leit kenne geléiert hunn, déi sech och fir eis Ëmwelt begeeschteren.

Och fir Kultur, a besonnesch fir d'Musek, interesséieren ech mech ganz staark a setze mech dofir an, dass eis lokal Veräiner esou vill Ënnerstëtzung kréien ewéi méiglech.

D'Geschicht vun eiser Minettsgéigend ass och e wichtegt Thema fir mech.

Wat d'Gemengepolitik ubelaangt soll weider un engem besseren ëffentlechen Transport geschafft ginn.

Pensionnéierten Schmelzaarbechter
59 Joer
vun Käl

- Member vum Office social
- Member vun der Kulturkommissioun
- Member vun der Kommissioun fir d'Promotioun vun der Muséksschoul
- Member vun der asbl Käl-Téiteng hëlleft

## DIANE KLOPP-DARQUENNE



Infirmière
46 Joer
vun Käl

- Member vun der Kulturkommissioun
- Member vun der Emweltkommissioun
- Member vum Klimateam

Ech sinn Infirmière vu Beruff an ech ka mech ganz gutt an déi Leit era fillen deenen et net gutt geet an déi et net einfach hunn. Oft sinn praktesch Léisunge gefrot fir engem d'Liewen ze erliichteren. Hei an der DP hunn ech Leit fonnt déi interesséiert dru sinn fir de Mënsche weider ze hëllefen, déi wësse wéi wichteg et ass de Leit no ze lauschteren a sech gäre fir aner Mënschen asetzen.
Eis Ëmwelt ass en Deel vun eiser Gesondheet, dofir engagéieren ech mech och an der Ëmweltkommissioun.

Kulturell sinn ech zanter Joren hei an der Uertschaft aktiv an ech kenne ganz gutt d'Ëmfeld an dem eis Veräiner funktionéieren. D'Veräinsliewen ass en sozialen Engagement den absolut ënnerschätzt gëtt mee den immens wichteg ass. Als Member vun der Kulturkommissioun konnt ech och hei mäin Beitrag leeschten.

## ZOÉ KRIER



Studentin am Droit
20 Joer
vun Téiteng

Et ass mär wichteg gewiescht mech als jonk Fra an de politesche Prozess anzebréngen. D'Jugend soll kenne Verantwortung iwwerhuele wann et dréms geet fir d'Zukunft ze gestalten.

Ech fannen et immens ewéi onkompliźéiert et war an der DP akzeptéiert ze ginn a wéi ech direkt mat agebonne gi sinn.

Jonk Leit hunn keng einfach Zäit am Moment. Eng Aarbecht ze fannen an eng Wunneng ze kréien ass en Challenge an Zäite wou kënschtlech Intelligenz wéi ChatGPT ëmmer méi op kënnt a wou de Wunnengsmaart onbezuelbar ginn ass.

A grad dofir brauche mär elo méi jonk Leit an der Politik.

# FELIX MORES



Employé am Privatsektor
31 Joer
vun Téiteng

- Member vun der Bautencommissioun
- Tresorier vum JDL-Südcomité
- President vun der AAALJBM (Associatioun des Anciens et Amis du Lycée Josy Barthel Mamer),
- Coach Jonk Entrepreneuren (Mini-Entreprise)

Zanter 2015 sinn ech Member bei de jonken Demokraten (JDL) well ech schonns als Kand matkritt hunn wéi wichteg et ass fir sech ze engagéiere wann een eppes matgestalte wëll. An dat wéilt ech am léifsten zesumme mat de Leit fir d'Leit maachen.

Themen déi mech an der Gemengepolitik interesséiere sinn de Logement fir Jonk an Aal. Nei Wunntypen mussen hei agesat gi fir et méiglech ze maachen, dass jiddereen uerdentlech a bezuelbar hei an der Gemeng wunne kann. Generatiounshaiser an Tiny Houses kéinten hei en Deel dovu sinn.

Eng nohalteg Duerfentwécklung ass an dem Kader e wichtegen Thema an de Schlackentipp soll do eng wichteg Roll spillen.

Ech sinn eng oppen a roueg Perséinlechkeet, ëmmer bereet bei ze léieren an Erfarungen ze sammelen.

# JOE MUJKIC



Gerant vun engem Betrib
54 Joer
vun Käl

- Member vun der Bautekommissioun

Als Gérant vu mengem Betrib sinn ech et gewinnt Decisiounen ze huelen an Léisungen ze fannen. Dofir hunn ech mech och an der lokaler DP engagéiert fir och eis Gemeng weider ze bréngen.

Fir mech sinn d'Themen Ëmwelt an Integratioun vu grousser Wichtegkeet. An eisem Land an och besonnesch an eiser Gemeng brauche mer e Wuesstem, den an Aklang mat der Natur bleift.

Ech selwer fuere gär Vëlo, gi vill an der Natur spazéieren u verbrénge gär meng Zäit mat Famill a Frënn.

Et ass och wichteg, dass et sech an eiser Gemeng gutt liewe léisst, dat mer eng gewësse Bausubstanz erhalen an dass mer de Verkéiersproblem iergendwéi an de Gréff kréien. Dofir hunn ech mech och an der Bautekommissioun engagéiert.

# ROBERT OÉ



Direkter vun den "Services généraux" bei der Croix-Rouge
56 Joer
vun Téiteng

- Member vun der Seniorenkommissioun
- Member vun de Schefflénger Kriipshëllef

Duerch meng Aarbecht beim Roude Kräiz si mer d'Problemer vun der eeler Generatioun besonnesch bekannt a leie mer um Häerz.

Mer brauchen onbedéngt ugepasste Wunnstrukturen (barrierefräi Wunnengen, betreit Wunnen, Altersheem etc...) a sozial Projet'en fir hinnen ze hëllefen.

Bei der lokaler DP hunn ech an dëser Hisiicht ganz vill Ënnerstëtzung fonnt an zesumme wëlle mer de Projet vun enger Senioreresidenz oder vun enger intergenerationell Residenz ugoen.

Privat si mer meng Famill a meng Kanner vu gréisster Wichtegkeet. Doriwwer eraus këmmeren ech mech ganz vill ëm mäin Oldtimer. Sportlech sti bei mär Fitness a Golf un éischter Stell.

# GLORIA OÉ-GALVEZ



Administrativ Sekretärin
48 Joer
vun Téiteng

- Bénévole beim Service IRIS vun der Croix-Rouge
- Member bei der Schefflénger Kriibshëllef

Als administrativ Sekretärin an der Aënklinik um Kierchbierg hunn ech vill Kontakt mat Leit aus alle Schichte vun eiser Bevëlkerung.

Ech setze mech besonnesch an fir Leit, déi vun der Einsamkeet betraff sinn. Esou hunn ech mech am Service IRIS vum Roude Kräiz engagéiert a besiche reegelméisseg Leit, déi eleng do stinn, fir mat hinnen eng eenzegaarteg a personaliséiert Relatioun ze deelen.

Sportlech sinn ech ganz aktiv. Esou hunn ech schonn e puermol de Semi-Marathon gelaf an och um Team Run vun der ING Lëtzebuerg deelgeholl. Ech wanderen och vill an der Natur, well ech d'Natur gär hunn an esou Lëtzebuerg och zou Fouss besser kenne léieren.

Wat d'Gemengepolitik ubelaangt sti bäi mär sozial Projet'en an Ëmwelt un éischter Plaz.

## SONJA SCHNEIDER



Formatrice
58 Joer
vun Käl

- Vize-Presidentin vun der Integratiounskommissioun
- Member vun der Commision de l'Enfance
- Member vun der Emweltkommissioun
- Member vun der Seniorenkommissioun
- Member vum SITCK

Ech wunnen zanter 1997 an eiser Gemeng, an als Patchworkfamill mat 5 Kanner hunn ech mech nach ëmmer un alles wat zu Käl an zu Téiteng geschitt interesséiert a wollt och ëmmer e Wuert matschwätzen.

Dofir hunn ech mech och an enger Rei vu berodende Kommissiounen an am Syndicat d'Initiative engagéiert. Integratioun a Chancëgläichheet sinn immens wichteg fir mech.

Awer och fir eis Senioren, Kanner a fir eis Jugendlecher (déi ech esou wuel als Mamm ewéi och als Nohëllef fir Studente ganz gutt kennen) wëll ech mech méi speziell asetzen. Och eng gutt Wunnqualitéit a bezuelbare Wunnraum sinn e wichtegt Thema.
A menger Fräizäit restauréieren ech ale Miwwel, ech spillen Theater, ech liese vill a gi gär schwammen.

## TALITHA SCHROEDER



Studentin
18 Joer
vun Käl

- Sekretärin vun der asbl Eng Hand fir eng Aner

Eis Gemeng ass eng schéi Gemeng. Eis Gemeng huet en immensen touristesche Potential den nach iwwerhaapt guer net ausgenotzt ass. Hei entsti Méiglechkeete fir Aarbechtsplazen am Tourismus ze schaffen.

Als Studentin am Hotelmanagement fannen ech, dass am Beräich vun der Hotellerie nach villes ka gemaach ginn. Awer och do ronderëm kéint villes am Kontext vum Tourismus stattfannen, sief et guidéiert Touren, Workshoppen, Vëlostouren etc.

Et sinn nei Chancen déi mer net ongenotzt solle loossen!

# Eise Walprogramm

## EN DÉIEREKIERFECHT AN EISER GEMENG

**Mär brauchen eng würdeg Plaz fir eis trei Déiercher.**




Lëtzebuerg huet mat déi strengsten Déiereschutzgesetzer op der Welt. D'Wuel vum Déier läit eis also ganz no. Mee wéi ass et wa mer eis vun eisem Déier verabschide mussen?

Eng jonk Famill déi sech en Hausdéier uschaaft erlieft wéi d'Kanner zesumme mat hirem Hausdéier grouss ginn. Déiere sinn oft enk Begleeder a Vertraute vun de Kanner. Wann dat Déier dann 12-13 Joer huet da riskéiert et just dann ewech ze fale wann d'Kanner an engem Alter sinn wou si grad esou Begleeder brauchen.
Et ass da schwéier fir eng Trauer ze bewältege wann dat Déier dann op enger anonymer Plaz „verschwënnt".
Et am Gaart ze vergruewen ass keng Optioun, dovun ofgesinn, dass vill Leit an Appartementshaiser wunnen an déi Méiglechkeet emol net hätten.

Dat selwecht gëllt awer och fir eng eeler Persoun wou schonn de Partner ewech gefall ass an wou en Hausdéier zum Begleeder ginn ass.

A béide Fäll wär et wichteg eng Plaz ze hunn wou een säin Déier besiche kéint, a seng Trauer doduerch besser bewältege kéint. Grad fir Kanner ass dat wichteg ze léieren.

Dofir wëlle mär en Déierenkierfecht hei an der Gemeng uleeën. Eng Plaz ze hunn wou een engersäits seng Trauer bewältege kann an anerersäits de Kanner eng Plaz schaaft wou si hiert Déierche begleede kënne wann dem säi Liewen op en Enn gaangen ass.

## BEZUELBAREN WUNNRAUM FIR JIDDEREEN

**Mär schaafen abordabelen Wunnraum an eiser Gemeng.**




Eng Wunneng fir an abordabele Präis hei am Land ze fanne gëtt ëmmer méi schwéier. Dofir ass et och un de Gemenge mat ze hëllefe fir Wunnraum ze schafen. Besonnesch op Terrain'en, déi der Gemeng gehéieren (wéi um Quai zu Téiteng, oder an der Schëfflengerstrooss an um Parking Brill zu Käl) soll et méiglech sinn Wunnenge fir ze verkafen oder ze verlounen ze bauen.

Dat lëscht Joer huet déi aktuell DP-CSV Majoritéit hei ganz vill drun geschafft. Projeten ewéi „Käl-Nord" an beim Téitenger Kierfecht hu mär weider gedriwwen.

Nei Wunnforme wéi Generatiounshaiser an Tiny-Houses kënne mär eis gutt virstellen.

## MÄR DENKEN OCH UN EIS SENIOREN

**Och am Alter bleiwen ech nach a menger Gemeng.**




Och am Alter muss et méiglech sinn an eiser Gemeng ze bleiwen a sech mat Famill a Frënn op deene gewinnte Plazen ze treffen.
Schonn zanter 2011 ass de Bau vun enger Seniorenresidenz en Haaptpunkt vum DP Walprogramm.

Eis Vertrieder am Gemengerot, de Patrick Krings an de Romain Becker hunn sech ëmmer erëm dofir agesat, awer déi fréier Majoritéit huet hei näischt ënnerholl.
Déi nei DP-CSV Majoritéit huet elo awer schonn déi éischt Kontakter opgeholl an ass am Gaang e Projet auszeschaffen.
Mat enger DP am Schäfferot gëtt dëse Projet realiséiert!

Hei geet et esou wuel ëm Betreit Wunnen wéi och Fleeg an engem Altersheem. Natierlech muss dat och eng Plaz sinn, déi jiddereen sech leeschte kann.

## KULTUR ZESUMMEN ERLIEWEN

**Eng Plaz wou Kultur, Kollegen a Gesellegkeet sech begéinen..**




Eis Gemeng huet an de läschte Joren vill an d'Kultur investéiert. Elo musse mer dat nohalteg weiderféieren.

Grad fir eis Jugend brauche mer eng Plaz wou si sech kulturell aktivéiere kënnen, sech treffe kënnen an engem Kader den interessant, lieweg an oppen ass.

D'Schaafe vun engem Kulturcafé den z.B. un d'Schungfabrik gekoppelt ass wär esou eng Méiglechkeet. Hei ginn et vill Beispiller am Ausland wou ee gesinn huet wéi sech eng jonk lokal Kulturzeen opgebaut huet.
Eis Jugend brauch esou eng Plaz fir sech onofhängeg artistesch betätegen ze kënnen.

## EIS EMWELT ASS EIS WICHTEG

**Eng gesond Emwelt och am Zentrum vun eisen Uertschaften.**



Eis Welt steet viru groussen Erausfuerderungen. An eiser Gemeng musse mär mat drun schaffe fir eng CO2 Neutralitéit ze erreechen.

Hei ass jidderee vun eis gefuerdert, awer net jidderee kann sech dat och finanziell leeschten!

Mär géifen eise Bierger gäre méi logistesch a finanziell Ënnerstëtzunge gi fir hinnen ze hëllefe wann si z.B. eng Fotovoltaikanlag installéiere wëllen.

Klimaschutz kann net nëmme fir déi Leit sinn, déi d'Suen dofir hunn, et muss fir jiddereen erschwénglech sinn!

## FIT BLEIWEN AN EISER GEMENG

**Ausbau vun der Sportsoffer fir jiddereen.**




Sport gëtt an eiser Gemeng grouss geschriwwen. Mär hunn d'Sportsinfrastrukture wéi Foussballterrainen an eis Sportshalen am Kader vum SICOSPORT.

Mär mussen awer feststellen, dass déi Infrastrukture mussen ausgebaut ginn, zanter Joren ass et ëmmer méi schwiereg fir nach Plaz an den Halen zu interessanten Zäiten ze fannen.



Do dernieft misst eis Gemeng déi bal 10.000 Awunner huet, och Infrastrukture fir Liichtathletik kréien. Hei kéinte mär eis ënner anerem ganz gutt eng Lafpist ronderëm e Fussballterrain virstellen. Dem Schoulsport géif dat och ganz nei Méiglechkeete ginn.

Do dernieft hätt een dann och eng Plaz wou een an aller Sécherheet dem Lafsport kéint nogoen.

Zu Käl am Park Ouerbett ass en ëffentleche Petanque -Terrain geplangt, esou een muss och op Téiteng kommen.

**Eise Programm:**

# No bei dir!

## ËFFENTLECHEN TRANSPORT

**Besser Zuchverbindungen mam Belval a mat der Stad.**




Den Duerchgangsverkéier ass e grousse Problem an eiser Gemeng. Hei kann e besseren ëffentlechen Transport en Deel vun der Léisung sinn.

Besser Zuchverbindunge mat der Stad an eng direkt Ubannung u Belval sinn eppes fir dat eis Gemeng sech onbedéngt asetze muss, grad och beim  Plan de Mobilité National.

Och eis Buslinne solle weider verbessert ginn. Et mussen och Méiglechkeete geschaaft ginn fir no bei den Haltestelle kënnen ze parken.

## ENG BESSER MOBILITÉ DOUCE

**Méi sécher ouni Auto duerch eis Uertschaften.**



Vum Auto kommen a wëlle mer net ewech, awer mer mussen en a Zukunft manner a méi gezielt notzen. Dofir ass et wichteg, dass méi Wäert op déi sougenannte mobilité douce geluet gëtt. Foussgänger a Cycliste musse besser geschützt ginn.

Méi Tempo 30 Zone sollen agefouert ginn. Op verschiddene Plazen, wéi virun der Schoul zu Téiteng oder an der rue Jos Müller zu Käl kéint Tempo 20 agefouert ginn. An der Rue Thomas Byrne sollen nees Verkéiersluuten installéiert ginn fir d'Secherheet vun de Kanner.

Besser Vélosinfrastrukturen, méi Vélosstännere sollen dozou féieren, dass mer de Auto méi oft stoe loossen. Eng besser Mobilité douce féiert zu enger besserer Liewensqualitéit a méi Sécherheet.

## EN 2. LIEWEN FIR EISEN SCHLAKENTIPP

**Nei Aktivitéiten: Sport, Bildung an Aarbecht.**



De Schlakentipp war zanter 1928 en Symbol fir eis industriell Vergaangenheet. Jidderee war drun gewinnt, dass hien do war.
D'Gemeng huet den Terrain kaaft an elo stellt sech d'Fro wat konkret domat geschéie sollt. Mär gsinn hei eng reell Chance fir aus eisem Industrie-lerwen eppes fir eis Zukunft ze maachen. Hei ka kee Wunnraum geschaaft ginn, mee awer Aarbechtsplazen.
En neie Policebüro soll hei hi kommen, wat eng gutt Saach ass. Mär kéinten eis awer och virstellen, dass Bürosgebaier hei entstoe kéinten an esou lokal Aarbechtsplaze geschaaft géifen. Lokal wunnen a lokal schaffe wär eist Zil. Awer och en Lycée oder en Formatiounszenter kéinten hei entstoen.

Grondsätzlech menge mär awer dass d'Zukunft vum Schlakentipp zesumme mat de Bierger sollt diskutéiert ginn.

## GESCHÄFTER BEI DER DIR.

**Eng lieweg Gemeng brauch eng lieweg Geschäftswelt.**




Besonnesch am Zentrum vun Téiteng a Käl soll et méi attraktiv gemaach ginn fir e Geschäft opzemaachen an ze bedreiwen, zum Beispill duerch besser Notzung vum Parkraum, Verkéiersberouegung a méi Gringflächen.

Am neie Quartier Käl Nord muss och Plaz sinn fir Geschäfter an handwierklech Betriber.

Esou musse mer zu enger Gemeng vun de kurze Wéer ginn an och zu enger Gemeng wou e gutt wunnen awer och gutt schaffe kann.

Zesumme mat de Bierger vu Käl an Téiteng wëlle mer fir eis Zukunft schaffen. Politik soll no bei beim Bierger sinn a soll realistesch sinn.

En gutt Zesummeliewen ass nëmme méiglech wann all Generatioun sech vertruede spiert bei den Decisiounen déi an der Politik geholl ginn.

Zesumme soll mer eis Zukunft preparéieren, et soll laangfristeg geplangt ginn an et soll een sech net nëmmen op eng Legislaturperiod beschränken.

Eise Walprogramm ass no bei de Leit!

Realistesch
Generatiounsiwwergräifend
Zukunftsweisend

**No bei dir.**


KAYL-TEITENG.DP.LU
DP DEMOKRATESCH PARTEI
Käl-Téiteng
No bei dir.
Lëscht 2
FIR KÄL-TÉITENG:
ROMAIN BECKER & PATRICK KRINGS